N°359
Entrée le 20.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 20.02.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz, Bildung, Kanner a Jugend & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

An engem Interview bei RTL Lëtzebuerg weist d'Associatioun "Fleegeeltere Lëtzebuerg" op e grousse Mangel u Fleegefamilljen op nationalem Niveau hin. Konkret gëtt gesot: „475 Fleegefamillje ginn et am Land, mee et bräicht een der Duebel sou vill, fir datt d'Kanner net méi an Institutioune misste placéiert ginn.“ Ënnert anerem gëtt eng Gläichstellung vu Fleegeeltere mat Adoptiveltere gefuerdert, fir de Fleegeelteren esou och Virdeeler wéi de Congé d'accueil a Congé parental kënnen ze offréieren. Aktuell ass et esou, dass Fleegefamilljen den Accueil och unhand vun hirem normale Congé mussen assuréieren.

Den Office national de l'enfance (ONE) vum Educatiounsministère gesäit esou Mesuren éischter kritesch a weist dorops hin, dass e Placement vun engem Kand an enger Fleegefamill just eng temporär Mesure wier.

Vun engem Träger um Terrain gëtt eis bericht, dass et nëmmen an enger Minoritéit vu Fäll dozou kennt, dass d'Kanner zréck bei hier biologesch Eltere ginn. Et géif sech hei also net em temporär Mesuren vu kuerzer Dauer handelen.

D'Situatioun um Terrain an déi doraus resultéierend Besoine ginn also relativ ënnerschiddlech duergestallt.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wat plangt de Ministère u Mesurë fir d'Fleegefamilljen ze ënnerstëtzen an de constatéierte Mangel um Terrain ze berengegen?
2. Wéini plangt de Ministère de Fleegefamilljen de Congé d´accueil an de Congé parental ze accordéieren? Falls net geplangt, aus wéi enge Grënn envisagéiert de Ministère dës Mesure net ze huelen?
3. Wéi vill Kanner sinn insgesamt am Kader vum aktuelle Jugendschutzgesetz placéiert ginn (Historique total)?

4. Wéi vill vun dëse Kanner sinn aus engem Placement erëm bei hir biologesch Elteren zréckgaangen? A wéi laang waren dës betraffe Kanner jeeweils bei hire Fleegefamillje placéiert?

5. Wat war am Kader vum aktuelle Jugendschutzgesetz déi kierzten an déi längsten Dauer vun engem Placement?

6. Wann een all Placementer am Kader vum aktuelle Jugendschutzgesetz consideréiert, wat ass déi duerchschnëttlech Dauer vun engem Placement?

Mat déiwem Respekt,

| CLEMENT Sven | POLIDORI Ben |
|---|---|
| Deputéierten | Deputéierten |

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Justizministesch Elisabeth MARGUE, vum Här Educatiounsminister Claude MEISCH a vum Här Familljeminister Max HAHN zu der parlamentarescher Fro n°359 vum 20. Februar 2024 vun den honorabelen Deputéierten Sven CLEMENT a Ben POLIDORI iwwer de Manktem u Fleegefamilljen**

**1. Wat plangt de Ministère u Mesurë fir d'Fleegefamilljen ze ënnerstëtzen an de constatéierte Mangel um Terrain ze berengegen?**

De Gesetzesprojet Nr. 7994 (*Projet de loi portant aide, soutien et protection aux mineurs, aux jeunes et aux familles*) gesäit vir, d'Aktivitéit vum Accueil en famille ze reforméieren a laangfristeg ze promovéieren. Dës Schutzmesuren aus dem Dispositif vun der Aide à l'enfance et à la famille sollen nei strukturéiert ginn. De Gesetzesprojet gesäit vir, datt d'Fleegefamilljen d'Wiel tëschent dräi rechtlech kloer definéierte Statute kréien. Et sinn dëst de fräiwëllege Statut, e spezielle Statut falls d'Aktivitéit vun engem noe Familljemember ausgeüübt gëtt, an de Statut vum engem Independant.

De Gesetzesprojet gesäit ausserdeem d'Schafe vun enger Maison de l'Accueil vir, déi ënner anerem Formatioun a Virbereedung op d'Aktivitéit ubidde soll. Déi zukünfteg Maison de l'Accueil soll ganz spezifesch um Niveau vun der Promotioun an dem Recrutement vun de Fleegefamilljen agéieren.

D'Unzuel vun neie Fleegefamilljen ass iwwer déi lescht 10 Joer permanent gewuess.

| ***Zuel vun de Fleegefamilljen 2014-2024*** | | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Joer | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
| **Fleegefamilljen** | **196** | **221** | **253** | **284** | **315** | **349** | **382** | **411** | **438** | **465** | **475** |

Am Kader vum Placement vun engem Kand an enger Fleegefamill iwwerhëlt e Service d'Accompagnement follgend Missiounen an Aufgaben:

- Sélection, initiation et investigation en vue de l'obtention de l'agrément des familles d'accueil ;
- Analyse de la demande et matching ;
- Accompagnement de la phase initiale du placement et de la phase d'adaptation ;
- Suivi de la mesure d'aide au sein de la famille d'accueil selon la formule base, semi-intensive et intensive.

2. **Wéini plangt de Ministère de Fleegefamilljen de Congé d´accueil an de Congé parental ze accordéieren? Falls net geplangt, aus wéi enge Grënn envisagéiert de Ministère dës Mesure net ze huelen?**

De Gesetzesprojet Nr. 7994 gesäit vir, dass Fleegefamilljen, déi fir de Statut volontaire optéiert hunn, Recht op e Congé d'accueil hunn, sou wei et am Artikel L.233-16 vum Code du travail virgesinn ass. Wat de Congé parental ugeet gesäit de Koalitiounsaccord keng Ausdehnung vun deem Congé op d'Fleegefamillje vir. Vu dass et sech bei engem Placement ëm eng zäitlech begrenzte Mesure handelt, bei där een am Ufank d'Dauer net ka bestëmmen, ass et net virgesi fir e Congé parental fir Fleegefamilljen anzeféieren. Am Géigesaz zu enger Adoptioun soll d'Zil vun engem Placement ëmmer de Retour bei d'biologesch Famill sinn, wann dëst dem Intérêt supérieur vum Kand gerecht gëtt.

3. **Wéi vill Kanner sinn insgesamt am Kader vum aktuelle Jugendschutzgesetz placéiert ginn (Historique total)?**

De gesamte Chiffer vun de Placementer zanter der Aféierung vum Jugendschutzgesetz vun 1992 läit de Ministèren net vir.

Den ONE publizéiert awer zanter der Aféierung vum AEF-Gesetz zweemol am Joer déi aktuell Statistiken vun de Placementer. Op den Oktober 2023 waren 1.461 Kanner placéiert:

- 585 Kanner a jonk Erwuessener sinn an enger Fleegefamill ënnerbruecht, opgedeelt tëschent 478 geriichtleche Placementer an 107 fräiwëllege Placementer.
- 876 Kanner a jonk Erwuessener sinn an enger Institutioun ënnerbruecht, opgedeelt tëschent 535 geriichtleche Placementer an 341 fräiwëllege Placementer.

4. **Wéi vill vun dëse Kanner sinn aus engem Placement erëm bei hir biologesch Elteren zréckgaangen? A wéi laang waren dës betraffe Kanner jeeweils bei hire Fleegefamillje placéiert?**

Den informatesche System vun de Justizautoritéiten erlaabt et net, dës Donnéeën erauszezéien an dës Dauer auszerechnen.

Et sief awer betount, dass d'Justizautoritéiten de Prinzip applizéieren, dass e Placement eng exceptionnel Moossnam ass, an dass d'Réintegratioun vum Kand a seng Famill esou fréi wéi méiglech soll stattfannen. Esou gi Placementer just als lescht Mëttel applizéiert wa sech déi aner Mesuren als inadequat oder net adaptéiert erausstellen, a gi reegelméisseg réevaluéiert.

Allgemeng kucken d'Justizautoritéite bei provisoresche Placementer, dass eng aner Mesure no spéitstens engem Joer gesprach gëtt (entweder en definitive Placement oder e Maintien vum Kand a senger Famill), woubäi e Placement provisoire aus ënnerschiddleche Grënn kann undaueren (familiär Situatioun, Verloscht vum Familljenhaus, Hospitalisatioun vun engem vun den Elteren, asw.).

**5. Wat war am Kader vum aktuelle Jugendschutzgesetz déi kierzten an déi längsten Dauer vun engem Placement?**

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n °7367 erklärt, erlaabt den informatesche System vun de Justizautoritéiten et net, dës Dauer auszerechnen.

**6. Wann een all Placementer am Kader vum aktuelle Jugendschutzgesetz consideréiert, wat ass déi duerchschnëttlech Dauer vun engem Placement?**

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°7367 erklärt, erlaabt den informatesche System vun de Justizautoritéiten et net, dës Dauer auszerechnen.

Lëtzebuerg, den 16 Abrëll 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue